N°44
Entrée le 27.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 28.11.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Vum 28ten bis den 30ten Juni 2024 gëtt vun der Philharmonie déi zweet Editioun vum*Fräiraum Festival* organiséiert. Et leeft ënnert dem Motto "E Fest fir di national Musekszeen" a soll Acteuren aus Lëtzebuerg souwéi och aus der Groussregioun d'Geleeënheet ginn, sech an engem professionelle Kader ze presentéieren. Well et sech net ëm e kommerziellt Event handelt, brauch de Public keen Entréesbilljee an den Zougang ass fir d'Leit gratis. D'Philharmonie wäert de Kënschtler:innen all néideg Raimlechkeeten zur Verfügung stellen an och eng temporär Bün op der Place de l'Europe oprichten, mee d'Kënschtler:innen erhale keng Remuneratioun fir hir Aarbecht, obwuel d'Event mat hirer Participatioun steet a fält. Dat gëtt besonnesch ze denken, well et sech bei der Philharmonie ëm een Etablissement public handelt, dat vum Staat ënnerstëtzt gëtt an dat och d'Charte de déontologie ënnerschriwwen huet an der et heescht: "La structure culturelle valorise le travail de ses agent/es et des artistes qu'elle engage. Elle assure la reconnaissance du travail réalisé par ses agent/es et l'artiste en leur allouant une rémunération juste et équitable."

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat erhalen d'Kënschtler:innen, déi bei dësem Event optrieden, keng Remuneratioun fir hir Aarbecht, obwuel d'Philharmonie en Etablissement public ass an d'Charte de déontologie ënnerschriwwen huet, an där si sech engagéieren, den engagéierten Artist:innen eng fair Remuneratioun ze bezuelen?

2. Organiséiert d'Philharmonie nach aner Evenementer bei deenen d'Kënschtler:innen net bezuelt ginn?
   Falls jo: Wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben

Deputéierten